ADMINISTRATION COMMUNALE

FLAXWEILER

Flaxweiler, den 23. Oktober 2024

# Communiqué: Chippe vun de groe Poubellen

Dir Dammen, Dir Hären,

den 22.Oktober 2024 goufen déi gro Poubellen an all den Dierfer vun eiser Gemeng gechippt.

Eng Rei vu Poubellë konnten net gechippt gi well se entweder ze al oder futti waren. Dës Poubellë wäerten deemnächst ausgetosch ginn.

Dohier kënnt Dir Är Poubelle nees op Äert Grondstéck zréck huelen a weiderhin normal benotzen, och wann se nach net gechippt ass.

An den nächste Woche ginn dann déi betraffe Poubellen ëmmer Dënschdes, den Dag vun der Kollekt, ausgetosch a gechippt.

Déi nächst Zäit kenne mir doduerch leider keng Demandë fir een Echange vun enger Poubelle unhuelen. Mir soen Iech Merci fir Ärt Versteesdemech.

Bei Froen am Zesummenhang mat de Poubellë steet Iech d'Gemengeverwaltung gären zur Verfügung:

- Tel.: 77 02 04 -1
- Email: flaxweiler@flaxweiler.lu

Mir soen Iech am Viraus Merci fir Är Collaboratioun.

Gemengeverwaltung